adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Abrëll 2020

Betrëfft: Sécherheet a verschiddene Strukturen am Hibléck op d'Corona-Kris

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Familljeminister an un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Vill Leit maache sech Suergen doriwwer, datt d'Doudesfäll an den Alters- a Fleegehemer e groussen Undeel vun deenen Doudesfäll duerstellen, déi Lëtzebuerg bis elo ze bekloen huet.

1. Wéi eng Moossname goufen zu wéi engem Datum geholl, fir d'Ustiechungsgefor an Alters- a Fleegeheemer ze reduzéieren?
2. Wéi eng Moossname gi speziell geholl, fir déi sozial Distanz an Alters-a Fleegeheemer ze vergréisseren, besonnesch och beim gemeinsamen Iessen a beim Botze vun den Zëmmeren? Ginn esou Moossnamen och bei "betreitem Wunnen" verlaangt? Ass et méiglech, op den Zëmmeren z'iessen, oder d'Minimaldistanzen un den Dëscher ze vergréisseren oder d'Iessen op e puer Servicer zäitlech ze verdeelen?
3. No mengen Informatiounen, gëtt et zënter 2012 eng däitsch Etüd vum Robert-Koch-Institut, déi op d'Wichtegkeet vu Schutzmoossnamen am Hibléck op verschidde medezinesch Katastrophe-Szenarii hiweist ("Pandemie durch Virus ‚Modi-Sars", Bundestags-Drucksache 17/12051). War dës Etüd der Regierung bekannt, a wéi eng Léieren huet si doraus gezunn?
4. Ass sécher gestallt, datt och eeler Persounen, besonnesch och Persounen, déi an Alters- a Fleegeheemer wunnen oder op enger Plaz, déi betreit Wunnen erméiglecht, am Fall vun enger Covid-19-Erkrankung an e Spidol kommen an do gläichberechtegt mat anere Patiente behandelt ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten